N°2346
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2346 vum 20. Mee 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. **War d'Regierung a Kontakt mat de Vertrieder vu Revolut virun dëser Entscheedung? Falls jo, wat waren d'Grënn, déi d'Firma uginn huet, fir sech géint Lëtzebuerg ze entscheeden?**

Nee.

2. **Hat Revolut och zu Lëtzebuerg no de Konditiounen fir eng Bankelizenz gefrot?**

Dem Finanzministère ass net bekannt, dass dës Firma een Untrag fir eng Bankelizenz zu Lëtzebuerg soll gestallt hunn.

3. **Wéi evaluéiert d'Regierung den Impakt vun dëser Entscheedung op d'Lëtzebuerger Finanzplaz, besonnesch am Kontext vun der Konkurrenz tëscht europäeschen Zentre fir Finanztechnologie-Firmen?**

Lëtzebuerg ass eng international Finanzplaz an och am Beräich vun de Finanztechnologie ganz breet opgestallt. Mat iwwer 250 sougenannte Fintech-Firmen.

An och d'lescht Joer hu sech eng Partie nei Acteuren zu Lëtzebuerg néiergelooss, dorënner 2 elektronesch Geld-Institutiounen a 5 sougenannte *Virtual Asset Service Providers*. Fir méi Informatiounen dozou: https://www.luxembourgforfinance.com/en/news/private-assets-and-life-insurance-drive-strong-growth-in-luxembourgs-financial-sector/

Rezent krut och eng zousätzlech Kryptowärungsplattform mat Sëtz zu Lëtzebuerg, hir Lizenz als *Crypto-Asset Service Provider*.

Donieft gräife grouss Finanzinstituter an och Fongemanager op déi sougenannte Blockchain-Technologie zréck. Hei huet Lëtzebuerg mat senge Blockchain-Gesetzer kloer Akzenter gesat.

D'Regierung gesäit net a wéi fern eng annoncéiert Decisioun vun engem Acteur, mat bestoender Bankelizenz a Litauen, sech och a Frankräich, hirem gréisste Maart, néier ze loossen, een Impakt op eis Finanzplaz sollt hunn.

D'Regierung wäert sech op allefall weider dofir asetzen eist Land verstäerkt am Beräich vun der Finanztechnologie ze positionéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth